PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/01/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

An de leschte Méint a Joren hunn et ëmmer nees Geldautomatesprengunge ginn, wéi elo rezent zu Reisduerf. Dëst ass eng besonnesch Erausfuerderung fir d'Police, well d'Täter an der Reegel séier fortlafen an dacks net kënne fonnt ginn.

Dofir ass et wichteg, datt konkret Moossname geholl ginn, fir d'Sécherheet vun de Geldautomaten ze verbesseren an d'Täter méi dacks ze verhaften. D'Efforten an deem Beräich muss verstäerkt ginn, fir d'Sécherheet vun de Bierger ze garantéieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Geldautomatesprengunge goufen et an de leschte 5 Joer, opgelëscht no Joren, zu Lëtzebuerg a wéi vill Täter konnte bis elo identifizéiert a festgeholl ginn?
2. Wéi eng konkret Moossnamen si geplangt, fir d'Sécherheet vun de Geldautomaten ze verbesseren, z.B. duerch technesch Moossnamen un den Automaten oder eng verstäerkt Iwwerwaachung?
3. Wéi kënnen d'Police an d'Justiz hir Zesummenaarbecht verbessere fir d'Opklärungsquot vun de Geldautomatesprengungen ze erhéijen an d'Täter méi dacks festzehuelen?
4. Wéi kann déi grenziwwerschreidend Kooperatioun mat de Nopeschlänner an deem Beräich weider ausbaut ginn, well et sech bei den Täter warscheinlech dacks ëm international Banden handelt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten